N°1691
Entrée le 20.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, à la question parlementaire n°1691 du 19 décembre 2024 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet d'un impact des nouveaux horaires d'ouverture sur les transports publics**

Et sief drop higewisen, dass den éierbaren Deputéierten hei de Projet de loi deen d'Ëffnungszäiten an de Secteure vum Handel a vum Handwierk reegelt, thematiséiert. Dësen ass de 16. Dezember 2024 vum Regierungsrot ugeholl ginn an den 20. Dezember 2024 an der Chamber deposéiert ginn. De Gesetzesprojet ass also um Instanzewee an d'Commission de l'Économie, des PME, de l'Energie, de l'Espace et du Tourisme vun der Chamber ass dermat befaasst.

D'Regierung rechent net dermat, datt mat der neier Reegelung vun den Ëffnungszäite bedeitend méi Geschäfter an Zukunft sonndes opmaachen oder hir Ëffnungszäite verlängeren. De Projet de loi gëtt d'Méiglechkeet am generelle Kader méi laang a sonndes opzemaachen, dëst ass keng Obligatioun.

Aktuell kënne Geschäfter bis 20h00 an eemol an der Woch bis 21h00 opmaachen, déi meescht maachen awer méi fréi zou. Des Weidere ginn aktuell Derogatiounen zu den normalen Ëffnungszäiten ugefrot: wat d'Ëffnung sonndes betrëfft, sinn am Schnëtt iwwert 80 % vun de Commercen iwwert Derogatiounen ofgedeckt an am Duerchschnëtt froen all Joer 35 Gemengen eng Derogatioun un, sief et fir eenzel Sonndeger oder fir dat ganzt Joer. Deemno hunn elo scho vill Geschäfter d'Méiglechkeet sonndes opzemaachen.

Den ëffentlechen Transport fiert haut scho souwuel zu spéideren Auerzäite wéi och sonndes. Vu méindes bis samschdes fiert den RGTR elo scho vu 5h00 bis 23h00, a sonndes an op Feierdeeg vu 6h00 bis 22h00. Och den Adapto fiert an der Woch souwéi sonndes elo scho vu 7h00 bis 23h00, a freides a samschdes bis Mëtternuecht. D'CFL fiert an der Woch vu 4h00 bis 23h00, a sonndes an op Feierdeeg vu 5h00 bis 22h30. Vum 3. Mäerz un fiert den Tram all Dag vum Joer vu 4h00 bis 00h27 (jeeweils Depart Stadion).

Luxembourg, le 20/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles